PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Rezent huet de Minister déi nei Applikatioun GouvID virgestallt, déi et Persoune mat neier Carte d'identité erlaabt, sech iwwert den Chip aus hirer Kaart online ze identifizéieren. Wien nach keng Carte d'identité mat Chip huet an awer eng ausgestallt kréie wëll, éier déi al ofleeft, kann esou eng Kaart bei senger Gemeng ufroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert GouvID och am Privatsecteur kënnen zum Asaz kommen, fir et privaten Acteuren ze erméiglechen, Clienten iwwer GouvID ze identifizéieren?

2. Falls jo: Bis wéini ka mat engem Asaz am Privatsecteur gerechent ginn?
   Falls nee: Firwat soll de System op staatlech Demarche limitéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député